N° 7688
Entrée le 01.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Wéi een am Luxemburger Wort vum 27.2.2023 („Ukraine-Hilfe des Kulturministeriums") noliese kann, huet de Kulturministère eng Direkthëllef vu 35.000 Euro virgesinn, fir ukrainesch Kënschtler, déi trotz dem Krich an hirem Land gebliwwe sinn, ze ënnerstëtzen. Dës Hëllef soll un d'"Ukrainian Cultural Foundatioun" goen. Am Kader vun der Berlinale 2023 huet d'Madamm Kulturminister doriwwer eraus un der Grënnung vum „European Solidarity Fund for Ukrainian Films" deelgeholl, engem Fong, dee mat 1 Millioun Euro dotéiert ass a vun 13 europäesche Länner gedroe gëtt, dorënner och vum Lëtzebuerger "Fonds national de soutien à la production audiovisuelle".

Wann ee sech am Gesetz vum 22.9.2014 « relative au Fonds national de soutien à la production audiovisuelle" iwwer d'Missioune vum FNSPA informéiere wëll, liest een: (…) *d'encourager la création cinématographique et audiovisuelle et de promouvoir le développement du secteur de la production audiovisuelle au Grand-Duché de Luxembourg notamment par le biais de subventions, d'aides financières, de subsides, de bourses et de récompenses; (…) d'attribuer les aides financières sélectives à la production audiovisuelle créées par la présente loi.*

Iwwer dës "aides financières sélectives" heescht et am Gesetz ausdrécklech: *L'aide financière sélective au titre de la présente loi ne peut être accordée qu'à des sociétés de capitaux résidentes et pleinement imposables, qui ont pour objet social principal la production audiovisuelle et qui produisent effectivement des oeuvres cinématographiques ou audiovisuelles.*

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1) Op wéi enger legaler Basis ënnerstëtzt de Lëtzebuerger Filmfong ukrainesch Cineasten, déi an hirem Heemechtsland bliwwe sinn a keng Attachë mat Lëtzebuerg hunn?
2) Ass d'Regierung der Meenung, datt déi mentionéiert Direkthëllef vu 35.000 Euro éischter vum Bausseministère misst deblockéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten

Fred Keup, Deputéierten